**Débat d'Orientation sur l'état actuel de la viticulture**
**Intervention Raymond Weydert**

Här President,
Kolleginnen a Kollegen,

De lëtzebuerger Wäibau huet an den leschten zwee Jorzengten ee grousse Wandel matgemaacht, an dat besonnesch a punkto Top-Qualitéit vun eise Wäinprodukter. Önnert dem Motto "Klass anstatt Mass", hun eis Wënzer de richtegen Wee ageschloen, fir der staarker internationaler Konkurrenz d'Stiir ze bidden, an fir den selektiven Wönsch an Uspröch vun den heitigen Wäindrenker an Wäinliebhaber entgéint ze kommen. De Konsument tendéiert haut zu qualitativ héichwertigen Wäiner. Am Allgemengen gëtt manner gedronk, mee duerfir awer bessere Wäin a folglech sin d'Leit och bereed en ugemoossenen Präiss ze bezuelen.

An dach, Kolleginnen an Kollegen, stinn eis Wënzer virun enger Reih vun Hürden, déi mussen iwerwonnen gin, fir den Betriiber, eng söcher Zukunft können ze garantéiren.

Am Laaf vu menger Interventioun gin ech op des Probleemer an.

Erlaabt mir awer, datt ech fir unzefänken kuerz op eis lëtzebuerger Wäibaurégioun agin.

An der europäischer Unioun, stellen mir matt knapp 1300 ha Ubaufläch eng vun den klengsten Wäibaurégiounen duer.
Eis Wäibaugebidd erstreckt sech iwert 42 km laanscht d'Musel vun Schengen bis op Waasserbëlleg. Ech wëll iech awer och nët virenthaalen, datt mir och ee puer ha Wengerten un der Önnersauer virfannen.

Déi 1300 ha Ubaufläch deelen sech ronn 375 Wäibaubetrieber. Vun dësen 375 Betriiber sin 206 haaptberufflich Wënzer an 169 Nieweberuffler oder sougenannt "Feierowendwënzer".
De Wäibau hei zu Lëtzebuerg ass ëmmer nach, wéi soll ech ët ausdrecken, "Handwiirk", well de Gros vun eisen Betriiber an senger Gréisst überschaubar ass. A wann ech d'Statistiken kuken, dann hun mir just 9 Betriiber, déi méi wéi 15 ha bewirtschaften.

Wann ech awer ee Bleck op d'Altersstruktur an de Betriiber werfen, dann gëtt déi eis awer ze bedenken. 2/3 vun den Betriibsleiter hun méi wéi 50 Jor, an bewirtschaften 57 % vun eisem gesamten Wäibauareal.

Dofiir muss een sech allgmeng d'Fro stellen, ob mir an Zukunft nach genuch Leit hei am Land fannen, déi Wäibau wëllen bedreiwen.
De Wäibau ass ee Steck vun eiser aaler Kukturlandschaft, déi sech am Laaf vun zwee Jordausenden entweckelt huet. D'Wengerten prägen d'Landschaftsbild op der Musel, a sin d'Markenzeechen vun der ganzer Regioun. Ët as duerfir wichtig, datt mir genuch Wënzer hun, déi dëse schéine "paysage" pflegen an erhaalen.

De Kolleg Léon Gloden waerd dono am Détail op d'Successioun an de Betriiber angoen.

An der lëtzebuerger Wäinbranche fannen mir drei verschidden Gruppementer an zwar:

- D'Genossenschaftswönzer, déi hiir Drauwen un d' Vinsmoselle oofliweren,
- D'Privatwönzer, déi niewt hiirer eegener Drauwenproduktioun, och hiiren eegenen Wäinausbau an eegen Vermarktung maachen,
- Den Wäinhandel, deen Drauwen aus eegener Produktioun, esou wéi zougekaaften Drauwen vun lëtzebuerger Wënzer, zu Wäin verschafft.

Vun eiser gesamter Wäinproduktioun entfaalen 61 % op Genossenschaften, 24 % op d'Privatwönzer an 15 % op den Wäinhandel.
Hei zu Lëtzebuerg hun mir 13 Riefsorten an zwar:
Konsumwäiner: Elbling, Rivaner
Edelsorten: Auxerrois, Pinot Blanc, Chardonnay, Pinot Gris, Riesling, Sylvaner, Gewürztraminer, Muscat,

Rosé- a Routwäiner: Gamay, Pinot Noir a St. Laurent.

Kolleginnen a Kollegen,

All dës Opzielungen an Zuelen soen awer nach näischt iwert eis Top Wäinprodukter aus. An do muss een einfach soen datt, virun allem déi lescht 20 Joër eng immens "Succes Story" sin.

Eis Wäiner stinn qualitativ, deenen aus allen groussen Wäibaugebidder vun dëser Welt an näischt no, a vill Leit, déi nach nie Lëtzebuerger Wäin geschmaacht haaten, sin begeeschtert vun deem waat se do servéiert kréien.

De Succès vun de leschten 20 Joër ass ganz kloër och mam Crémant verbonnen, deen säit 1991 op der Musel produzéiert gët, a wou den Undeel un der Gesamtproduktion mëttlerweil bei ronn 15% läit, Tendenz nach weider no uewen.

Esouguer hei an dësem héigen Haus hu mir jo Säit geraumer Zäit erausfond, datt e gudden Crémant dem Schampes an näischt no steet! Ech fannen et nëmmen richteg datt an Lëtzebuerger Institutiounen och Lëtzebuerger Produits'en servéiert gin.
An no den rezenten Skandaler am Liewensmöttelbereich brauch ech iech jo och keen Exposé iwert d'Importenz vun eisem "Produit du Terroir" virun bëllegen Importwäiner aus Drëttlänner ze haalen.

Kolleginnen a Kollegen,
Och wann de Wäibau, zesummen matt eiser Landwirtschaft, nömmen een ganz klengen Prozentsaatz an eisem PIB (Bruttoinlandsprodukt) ausmecht, esou spillt a behält en trotzdem eng wichteg Roll an eiser Economie.
De Wäibau beschäftigt en sëllegen Leit, och an deenen den Wënzerbetriiber vir- an nogelagerten Stufen, an ass een unabdingbaren Facteur fir déi zwee wichteg Wirtschaftszweiger vun der Kultur an dem Tourismus.

Här Präsident,
Dir Dammen an dir Hären,
Fir datt ët zu deem gudden "Standing" vun eisen Wäiner konnt kommen, war et natiirlech wichteg, datt déi néideg Qualitéitscritèren agefouert gi sin, an och an Zukunft weiderhin mussen héich gehaalen gin. Heirop kommen ech dono nach emol zréck.

Ech hun et grad beschriwen, eise Wäibau ass momentan a kenger schlechter Positioun. Fir datt dëst awer esou bleiwt, musse mir op e puer Probleemer an Erausfuerderungen déi kuerz-, mëttel- a laangfristeg op eis Wënzer duerkommen réagéieren.

Kuerzfristeg besteed direkt de Probleem vun der niddreger Récolte 2012.

Duerch Wierderkapriolen, wéi z.B. extrem déiwen Temperaturen am Februar, an nach emol engem spéiden Frascht Mëtt Abrëll, ass et plaatzeweis zu groussen Fraschtschied komm. Doduerch ass den Ausdrif ganz ongläichméisseg gewierscht, an och d'Bléih war méi spéit un, wéi daat an normale Jooren de Fall ass.

Doduerch datt ët am Juni extrem vill gereent huet, ass ët op ville Plaatzen zu groussem Peronosporabefall komm. Peronospora ass eng Pilzkrankheet, déi grad bei zevill fiichtem Wieder optrëtt, an d'Drauwen an d'Blieder ugräift, an domadden schwéier Ertragsverloschter matt sech bréngt.

Fir de Raum Greiveldeng-Ehnen-Wormer ass dann zousätzlich ee fermt Wieder mat Knëppelsteng Enn Juli bäikomm.

E spezifeschen Probleem gët ët dann am Haff Remich, wou an de Wéngerten ronderëm d'Naturschutzgebidd relativ héigen Wëldschued entstaan ass.

Ët sin also verschidden Facteuren, déi zesumme komm sin, fir déi niddrig Récolte vum Joër 2012.

Matt 85.035 Hektoliter war den Ertag dann och just 63% vun der Moyenne vun de leschten 10 Joër! An daat ass just eng Moyenne, mee a verschiddenen Uertschaften op der Musel waren ët knapp 50% vun enger normaler Récolte, waat fir déi betraffen Wënzer awer dramatesch ass.

Allgemeng positiv ass, datt de Jorgank 2012 awer trotz allem eng excellent Qualitéit virweist.

Dëst heecht awer nëtt, datt de Wënzer sein Ertragsausfall duerch déi gudd Qualitéit verbonnen mat enger Augmentatioun vun de Präisser kann ausgleichen. Esouweisou waat d'Präisser vum Wäin ugeet, si mir laut den Aussoen vun de Wënzer esoulues op engem ieweschten Limit ukomm, ët kann een duerfir nët vill méi Suen fir de Wäin aus der Récolte 2012 froen.

Doofir ass ët mein, an der CSV-Fraktioun hir Uleies, de Minister ze froen, wéi héich den Ertagsausfall, an Geld ausgedreckt, fir d'Récolte 2012 estiméiert gëtt. Kann een Deel vun der "perte de récolte" iwert d'Hagel- an Fraschtschutzversöcherung vun den Wënzerbetriiber ofgedeckt gin? Wéi steet ët mat enger Wöldschuedentschädigung an den betraffenen Wengerten? As ugeduecht bei aneren Ausfäll, bedengt beispillsweis duerch de Pilzbefall, ze intervenéieren, fir do d' Ausfäll fir d'Wënzer ze kompenséieren?

Här President,
Kolleginnen a Kollegen,

Een aneren Problempunkt, op deen ech wöll agoen, ass d'Oemsetzen vun der europäescher Wäimaarktuerdnung aus dem Jor 2008.

E wichtege Punkt fir de Wäibau ass heibäi d' AOP – d'Appellation d'Origine Protégée. Sie ersetzt eis fréier AOC – Appellation d'origine contrôlé.

Als AOP bezeechend een ee Qualitéitsprodukt, dat an engem bestömmten geographischen Gebidd gemäss engem unerkannten Verfahren hiirgestallt gëtt. Eis Wäibaugebidd op der Musel ass als solcht op EU-niveau unerkannt, an ass duerch de Wäibauperimeter delimitéiert.

D'AOP fir eis lëtzebuerger Qualitéitswäiner spigelt sech an Zukunft an enger Pyramideform zreck. Oennen an der Basis vun der Pyramid stin all eis Riefsorten. Dodriwer steet de Premier cru deen fir d'Edelriefsorten an de Rivaner geduecht as. Nach driwer steet dann de Grand Premier Cru fir d'Edelriefsorten.

Un der Spëtzt vun der Pyramide fannen mir déi sougenannt Charta-Wäiner. Hei kréien verschidden Labelen, déi ët zum Deel schon laang gëtt, wéi z.B Domaine et Tradition , Charta Schengen Prestige oder Charta Privatwënzer, eng gemeinsam Basis. E Charta-Wäin ass also eendeiteg en Top Qualitéitsprodukt, daat sech am ieweschten Segment unsetzt.

Een vun de wichtegsten Kritèren fir eeng AOP ze kreien, niewt dem Fait, datt de Wäin natirlech muss fehlerfräi sin, ass, datt pro Stuf an der Pyramid en maximalen Hektarhöchstertrag festgeluecht ass. Sou dierfe fir en Charta-Wäin maximal 60 Hektoliter pro Hektar gelies gin. Des weideren dierf de Chartawäin an de Grand Premier Cru Wäin eng Lagebezeechnung d.h dee lieu-dit droen, wou en gewues ass. Et sin also just déi ganz héichwäerteg Wäiner, déi dierfen mat der Bezeechnung vun hiirer gudder Lag, och verkaaf gin. Sou daerf z.B. just een Haut de Gamme Riesling, den lieu-dit "Riesling Wormer Koeppchen" droen, wann en och do gewues ass.

Fir zu enger vun den Qualitéitsstufen ze kommen, muss de Wënzer unhand vun engem Formulaire spéitestens 14 Deeg virun der Lies am Institut vitivinicole ugin, wéi eng Parzellen hien fir wéi eng Qualitéitsstuf virgesäit, détailléiert, mam Cépage, der gewönschter Mentioun, dem Ha-Ertrag an der Laag.

Dir gesidd, déi nei Qualitéitspyramide dréiht dozou bäi och weiderhin fir eng excellent Qualitéit vun eise Wäiner ze suergen. Als CSV-Fraktioun wëlle mir de Minister encouragéieren, zesummen mam Wënzerstand, deen

ageschloënen Wee weider ze goen. Dëst geet natirlech just a Collaboratioun matt de Wënzer. Wuelwëssend datt mir 2013 an enger Testphase sin an d'Pyramide 2014 zum droën kënnt, wollt ech den Här Minister wollt froen, wéi een Feedback hien vum Terrain bis elo kritt huet,  a wéi d'Akkzeptanz bei de Wënzer ass?

Kolleginnen a Kollegen,

Wann een europäesch Wäimaartuerdnung seed, gin bäi ville Wënzer d'roud Luuchten un, well heimatt och d'Liberaliséirung vun de Pflanzrechter verbonnen as.
Déi nach bestehend Regelung vun de Pflanzrechter leet kloer fest, wou Wéngerten dierfen ugeplanzt gin. Dat sin op eiser Musel déi Parzellen, déi am Wäibauperimeter leien.
D'Ophiewen vun de  Pflanzrechter huet zur Folleg, datt iwerall daerfen Wengerten ungepflanzt gin, déi och ausserhalb vun den geschützten geographischen Regiounen leien. Dëst géif evidenterweis zu méi Quantitéit vu Wäin féieren, awer sécherlech nët zu méi Qualitéit.

Et sief an dësem Kontext ënnerstrach, datt 2008, wéi d'Wäimaartreform ausgehandelt gouf, Lëtzebuerg, an den deemolegen Wäibauminister Fernand Boden, sech vehement géint eng Liberaliséierung agesaat hun. De Maximum, den awer konnt erausgeschloen gin,  war e Kompromiss.

Dat heecht d'Pflanzrechter laafen Enn 2015 aus. Do konnt een awer, esou wéi, ënnert aanerem Lëtzebuerg daat gemaach huet, eng Dérogatioun bis 2018 ufroen.

Ët ass am Moment nach nët ganz kloër, wéi ët fir dono ausgesäit. D'Aarbechten un der neier EU-Agrarreform  si jo am Gaang. Een Moment huet ët jo esou ausgesinn, wéi wann d'Pflanzrechter sollen esou, wéi se elo bestinn, iwert 2018 eraus verlängert gin.

Ët liest een awer och, datt ët soll zu enger méi gemässigter Liberaliséierung kommen. D'Froo ass also, waat mir eis hei fir d'Zukunft erwaarden können?
Sollt et zu der totaler Liberaliséierung  kommen, kéint och Lëtzebuerg matt Bëllegwäiner aus aaneren Länner iwerschwemmt gin, wou eis Wënzer vum Präiss hier, sécherlech nët matthaalen kéinten. Ech gleewen nëtt drun, datt hei zu Lëtzebuerg  op villen weideren Plaatzen, ausserhalb vun eisem Wäibauperimeter, géif massiv ugeplanzt gin, mais an aaneren europäeschen Länner, wou masseg potentiell Ubaufläch besteet, wier daat méiglich. Matt der Liberaliséierung kéint dann, wéi schon gesot, iwerall Wäin ugeplanzt

gin. Daat waer dann keen high Quality Wäin, mee een esougenannten “Vin de Cépage” waat elo, soe mir emol den “Bas de gamme” ass. D’AOP Qualitéitswäiner géifen jo weiderhin an den aktuellen geographisch geschützte Gebidder ugebaut sin.

D’AREV – d’Assemblée des Régions européennes viticoles, war an ass an dësem Dossier an stännegem Dialog mam Agrarcommissaire Ciolos. Selbstverständlech verteidegt d’AREV d’Interessien vun de Wäibaurégiounen, an se huet sech rezent elo eenegermoossen zefridden gewisen matt deem, waat dann elo soll kommen.

Et gi Gerüchter, wéi wann hei kéint eng Croissance vun +1% Ubaufläche op 3 Joër virgesin gin. Gläichzäiteg fuerdert d’AREV méi en staarken Encadrement wéi z.B. duerch d’Schaafen vun engem Observatoire vitivinicole européen, deen den Ausbau vun Neiuplanzungen soll iwerwaachen an am Aen behaalen. Fir d’AREV wär ët weiderhin eng Noutwendegkeet, datt de Pourcentage vun neien Uplanzungen an Zesummenaarbecht mam Conseil vun den Agrarminister an der EU-Commissioun fixéiert gët.

Domatt sin nët all Diiren op, mais ët muss een awer d’Situatioun am Aan behaalen.

Fir de lëtzebuerger Wäibau, ass et wichteg datt de Minister sech weiderhin asetzt, datt d’Pflanzrechter esou wéi se elo sin, méiglechst laang bestoen bleiwen, och wann d’Aussichten sécherlech nët déi Bescht sin. Meng Froo ass, ob de Minister scho weider konkret Informatiounen huet, wéi et matt dem Problem Liberaliséierung vun de Planzrechter wäert weidergoen?

Kolleginnen a Kollegen,

E weideren Punkt, deen de Wënzer um Häerz läit, ass deen vun der Enveloppe nationale. D’Länner hun matt der Wäimaarktuerdnung vun 2008 alleguer eng Enveloppe budgétaire kritt, an kruten de Choix gelooss, önnert méi Optiounen, dës Suen können an hiirer Wäinregioun ze verdeelen.

Lëtzebuerg huet décidéiert de System op d’Jetons pro Hektar ëmzeleeën. Dem Wäibausecteur war versprach gin, datt dëst positiv fir déi Concernéiert wier, an daat war och bis elo de Fall. Et war eendeiteg déi richteg Entscheedung, well mir domatt d’Suen gerecht op déi 3 Groupementer am Wäibau verdeelt hun.

Elo kéint et awer sin, datt d'Wäimaarktuerdnung am Kader vun der neier EU-Agrarreform an eng gemeinsam Agrarmaarktuerdnung intégréiert gët, waat e ganz groussen Noodeel fir de Wäibau géif duerstellen.

Virwaat? Well doduerch de Wënzer, wéi iwregens och eng Reih Baueren, Suen wäerde verléieren. Da géif nämlech eng eenheetlich Prime pro Hektar, op Landwirtschaft oder Wäibau, agefouert gin. Domatt gët eng Gesamtmoyenne geholl fir de Calcul vun der Prime, déi sécherléch esouwuel fir d'Landwirtschaft wéi och fir de Wäibau méi niddreg wäer, wéi dat bis elo de Fall war.

Hei musse mir eis asetzen fir, datt nët alles "über een Kamm gescheert" gët, fir datt eise Wënzer déi beschlossen "enveloppe nationale" aus der Wäinmaarktuerdnung vun 2008 kann oprecht erhaalen gin.

An Kader vun der neier Agrarreform, gët d'EU och ee Finanzrahmen an leet Richtlinien fest, unhand vun deenen, déi eenzel Memberlänner hiiren Plan de Développement rural mussen opstellen. Den PDR gëtt dann d'Handbuch fir eist neit Agrargesetz 2014-2020.

Dobei gin 3 grouss Objektiver verfollegt:
Wettbewerbsfähigkeet
Ëmwelt/ Nohaltegkeet/ Klima
Ländlech Entwécklung

Ech kann elo nët am Détail op dës Prioritéiten agoen. Dir kënt aus dëser Opzielung erausliesen, datt gudd Usätz dobäi sin.

Eppes mussen mir awer, Här Minister am Aen behaalen, an daat de Wënzer ganz uewen läit: mir mussen oppassen datt mir op EU-Niveau:

- nët zevill administrativ Hürden fir si abauen, déi et hinnen ëmmer méi schwéier maachen, sech op hir wesentlech Aufgaben ze konzentréieren
- nët nach weider onsënneg Bestëmmungen aféieren, déi ët de Wënzer um Terrain onméiglech maachen, hieren Beruf auszeüben. Et kann nët sin, datt irgendwelch Bürokraten, um Schreiwdësch Oplagen ausschaffen, déi de Wënzer d'Flemm andreiwen. Dëst ass en enorm wichtegen Punkt, well heidrun hänkt och oft d'Froo op een de Betrieb nach wëll weiderféieren oder nët.

Ech nennen iech ee Beispill, daat elo relativ akkut ass. Mir sin am Gaang eng Directive iwert d'Sprëtzmëttel ëmzesetzen. An deem Kontext ass ët positiv, datt oemweltfröndlech Sprötzmöttel ugewandt gin an dobaussen um Terrain rationell ausbruecht gin. Och ass ët richtig, datt d'Geräter mat deenen déi Möttel ausbruecht gin, op hiir Genauigkeet an Funktionalitéit regelmässig iwerpréift gin.

Mee wat vill Kappzerbreches mecht, ass den Fait, datt an Zukunft kee Mënsch méi, ouni speziell Formatioun, matt Sprëtzmëttel a Kontakt daerf  kommen. Bis elo ass ët duergaang, datt een Responsablen am Betrieb eng Formatioun haat, an datt Möttelen och no bestömmten Söcherheetsnormen gelagert waren. Matt der Oemsetzung 1:1 vun dëser Directive, dierft elo emol keen Aarbechter méi Sprëtzmëttel fir de Betrieb akaafe goen, geschweigs denn och am Wengert ausbrengen, wann hien keng speziell Formatioun duerfir huet. Esou Schickanen maachen ët de Betriiber schwéier, gudd an efficace ze funktionnéieren.

Dir Dammen an dir Hären,

Een anren wichtigen Thema ass den "Greening". An hei wöll ech dem Minister Merci soen, datt hien, zesummen mat villen vu sénge Kollegen aus aneren EU-Memberstaaten, sech doofir agesaat huet, datt op EU-Niveau, fir de gros vun de Wäibaubetrieber aus dem sougenannten "Greening" erausgeholl gin ass. Ech wëll elo nët weider drop agoen, soss misst ech ufänken matt engem Exposé iwert EU-Agrarpolitik, an daat wëll ech iech erspueren.

Ech hun schon gesot, datt mat  der EU-Agrarreform an dem EU-Budget, eist national Agrargesetz enk verbonnen ass. Mir sin jo momentan am Agrargesetz vun 2006, daat nach bis 2013 leeft. Dowéinst wëll ech op dëser Plaatz kuerz op daat nach laafend Gesetz kucken an en Ausbléck op daat kommend Agrargesetz 2014-2020 woën.

De Wäibausecteur war frouh, datt mam momentan nach laafenden Agrargesetz d'Plafongen fir d'Finanzéirung vun Investitiounen obgehuewe gin sin.

D'CSV ass weiderhin doofir, datt den Déplafonnement och am neien Agrargesetz bleiwt, mais d'Investissementer eventuell méi cibléiert  un de Produktiounsprozess am Betriib gebonnen gin, d.h. ze kucken, datt

Beihöllefen strikt un déi fir déi wiirklech noutwendig Betriibsgebeier agesaat gin, an och fir eng rationell an oemweltfroendlech Technik benotzt gin. Domatt kann éier garantéiert gin, datt d'Gesamtenveloppe vum PDR zielorientéiert agesaat gët, an nët just fir iwerdimensionéiert Projets'en verausgabt gët. Well wann d'Gesamtenveloppe zum Enn tendéiert oder am extreme Fall ganz ausgeschöpft ass, kommen mir an déi Situatioun, wou Betriiber manner respektiv iwerhaapt keng finanziell Önnerstötzung méi könne kreien.

Eppes waat de Wënzer och nach um Häerz läit, ass dee vun den Beihöllefen fir d'Maschinen an d'Geräter. Do gin per Règlement grand-ducal z.B. Einheitswerter festgeluecht, ouni datt awer den reellen Uschaafungswert vun deenen Investissementer berücksichtegt gët. An de leschten Jooren sin d'Präisser fir déi Objets'en awer rasant geklomm, sou datt ët wënschenswert wär de System ze iwerdenken an vläicht méi realitéitsno ze maachen.

An dësem Kontext wollt ech de Minister froen, ob hien eis ka matdeelen wievill Wënzerbetrieber ënnert dem laafenden Gesetz an nei Infrastrukturen investéiert hun?

An dann wollt ech de Minister nach froen wéi wäit d'Viraarbechten vum neien Plan de développement rural (PDR) an deen domatt verbonnenen neien Agrargesetz scho fortgeschratt sin?

Här President,
Kolleginnen a Kollegen,

E weideren wichtegen Aspekt vun eisem Wäin ass de Marketing. E Produit kann esou gudd sin wéi e wëll, wann en nët mat Erfolleg un de Konsument bruecht gët.

Dowéinst ass am Joër 2002 d'Commission de Promotion des Vins et Crémants de Luxembourg am Kader vum Fonds de solidarité viticole an d'Liewen geruff gin. Hier Missioun an Ziel war an ass ët, den Image vun eisen Produits'en um nationalen, wéi um internationale Markt ze verbesseren. Heibei geet ët och duerdröms, engerseits nei Clients fir den Wäin ze gewannen an ze iwerzeegen, an anrerseits Stammclients ze behaalen, fir d'lëtzebuerger Wäinbranche an eiser Economie ze festigen an nach ze stärken.

Eng Panneau-plie vun Events, de sëllegen Wäifester op der Musel, Bäiträg a Brochuren, international Concours'en an esou weider. An esouguer eise Wäin figuréiert am Guide Hachette. An deem Kontext wëll ech ervirhiewen datt mir dëst Joër op der Musel, zu Grevenmacher, de Concours des Crémants de France et du Luxembourg organiséieren.

Wéi ech virdrun festgestallt hun, stëmmt jo  d'Viraussetzung vun der excellenter Qualitéit vum Produit. Niewt dem Fait, datt vill Wënzer an flott Schmaachstuffen an hiiren Betrieber investéiert hun, ass d'Restauratioun de wichtegsten Partner vun de Wënzer. Si sin d'Ambassadeuren vum Wäin a Crémant. Fir déi Restaurants'en auszezeechnen, déi eng besonnech grouss Auswiel un nationalen Wäiner a Crémant op der Kaart hun, verdeelt d'Commissioun den Titel "Ambassadeur Vins et Crémants de Luxembourg". Dëst ass eng gudd Initiative an mëttlerweil gin ët 53 Restaurants, déi deen Titel droen dierfen. Et ass jo esou, datt eis Wäiner esou en Qualitéitsniveau hunn, datt se problemlos an der Haute Gastronomie kënen ugebueden gin.

Et gin awer och aaner Restaurants'en dohier am Land, a virun allem och hei an der Stadt geet, wou ee muss feststellen, datt awer nach vill Sputt no uewen ass.  Oft muss ee laang sichen bis een e Lëtzebuerger Wäin op der Kaart fënd, geschweig dann am Glas. Wann een de Wiert da freet, héiert een oft déi lëschtegst Erklärungen.

Ech mengen hei muss verstäerkt promovéiert an sensibiliséiert gin, esouwuel bei de Wiert, wéi och bei de Fournisseuren vun de Gastronomiebetrieber.

En weidere Volet, deen ech wëll uschwätzen, an deen jo och zu de Missiounen vun der Commission de Promotion gehéiert, ass deen vum Export.

Hei ass virun allem d'Belge e wichtegen Marché. Wéinst Fehler, déi an der Vergangenheet gemaach gi waren, huet de Lëtzebuerger Wäin momentan awer keen allzegudden Ruff méi an eisem Noopeschland. Hei gëllt et eng Relance an Ugrëff ze huelen, an ze weisen, datt mir Spëtzewäiner hun. Fir datt mir hei eppes bewegt kréien, sin ech awer och der Meenung, datt Accords'en matt Fournisseuren vun der Gastronomie dohannen unabdingbar sin.

Doniewt sollt een sech iwerleen fir gezielt  z.B. zu Bréissel eng "Maison du Vin Luxembourgeois" opzemaachen. Dann hätte mir do eng Präsenz. Natirlech muss hei virdrun eng streng Kosten-Nutzen Analys  gemaacht gin.

Mir kommen awer nët dolaanscht eisen Wäin am Export laangfristeg besser opzestellen. Dowéinst soll een och kucken, waat aaner Noopeschlänner fir den Export hierginn.

E weideren Aspekt am Beräich vum Marketing ass deen vum Oenotourismus. Heirop wäert dono de Kollege Léon Gloden e bësse méi am Détail agoen.

Här President,
Dir Damen an Dir Hären,

Eppes waat generell ëmmer méi beléiwt gët, sin Bio-Produkter. Momentan ass d'Noofroo no Biowäin hei am Land méi grouss wéi d'Offer, sou datt een als Wënzer duerchaus kann op dee Wee goen. Momentan gin ët eng 11 Bio-Wäiubaubetrieber hei am Land. Och heizou wäert iech de Kolleg Gloden gläich méi erzielen.

Ech wëll awer nach op een Punkt agoen, deen an déi selwecht Richtung geet, nämlech den vum Etiquetage vum Wäin. Matt der neier AOP sin och nei Regelen fir den Etiquetage agefouert gin, déi matt séch bréngen, datt de Konsument an Zukunft nach besser wäert informéiert sin iwert de Produit, deen en drénkt oder keeft. Esou gët hien nët nëmmen beispielsweis iwert de Jorgank, de Cépage, de Produzent, den Alkoholgehalt a gegebenenfalls d'Lage informéiert, mais mëttlerweil och iwert déi sougenannt Allergènen. Dëst féiert och zu enger besserer Liewensmëttelsécherheet.

Da wëll ech, éier ech op de leschte Punkt vu ménger Interventioun kommen, och nach e Wuert iwert de Remembrement verléieren. Am Wäibau sin ronn 85% vun den Ubauflächen remembréiert an steet domadden wäit virun der Landwirtschaft. Hei ass ze ënnersträichen an ze begréissen, datt déi lescht Joëre beim Remembrement écologesch an éconoomesch Critèren besser matteneen an Aklang bruecht gi sin. Déi puer méi kleng Remembrements'en, déi nach am Wäibau ustinn, sollen an den kommenden Joren realiséiert gin, an iwert daat nei Agrargesetz finanzéiert gin.

Här President,
Dir Dammen an Dir Hären,

Oofschléissend dann nach eppes, daat an de leschten Wochen a Méint vill diskutéiert gin ass, a waat selbstverständlech och seng Répercussiounen op de Wäibau huet: de Waasserpräis.

Wéi a ville Beräicher vun der Liewensmëttelproduktioun gët am Wäibau zäitweis, an och saisonal bedingt, vill Waasser gebraucht an ët entsteet och dobei vill staark belaschtend Oofwaasser.

Vill Drénkwaasser ka verbëtztelt gin, wann beim Oofkillen vun den Tanken während dem Gährungsprozess, d'Waasser nët an engem Circuit fermé leeft mais ee riicht an den Oofwaasserkanal.

Eng Spötzt vun héich konzentréiertem Oofwaaser fannen mir am Wäibau am Hierscht, dat unfällt ab dem Zeitpunkt vun der Drauwenlies bis hin zum Oofstöch vum neie Wäin.

Heibei muss een awer den Ënnerscheed maachen tëschend de groussen a klengen Betriiber. Eng Vinsmoselle fällt als Großabnehmer matt engem Verbrauch vun iwert 8000m3 an iwert 300 Einwohnergleichwerte fir d'Oofwaasser, ënnert d'Tarificatioun vum Secteur industriel, an huet domadden ee Virdeel vis-à-vis vun de klengen Privatwënzer, déi nët ob dës industriell Werter kommen.

Waat de Wënzer virun allem Kappzerbrieches mecht, ass d'Froo, wéi de Berechnungsmodus speziell fir d'Oofwaasser soll ausgesin. Eng Zäitchen ass gesoot gin, datt sollen Einwohnergleichwerter pro Hektar Wéngert agefouert an verrechend gin, an esou wéi ët elo ausgesäit, soll awer op de produzéierten Volumen Wäin am Betriib berechend gin.

Hei ass nach vill Klärungsbedarf noutwendig, an ech wollt den Minister froen, ob dir hei weider Informatiounen hut, woumatt de Secteur ze rechnen huet, wohlwissend, datt de Waasserpräis engem aneren ministeriellen Ressort oenersteet?

Ech denken, datt muss e Modus Vivendi fond gin, deen d'Wënzer incitéiert d'Waasser rationell ze notzen. Och op der Seit vum Oofwaasser muss bei der Verrechnung eng gerecht a finanziell tragbar Léisung fond gin.
Här President,
Dir Damen an Dir Hären,
Ech hoffen ech konnt iech matt menger Interventioun en klengen Iwerbléck verschaafen, iwert déi gudd Seiten awer och d'Problemseiten vum Lëtzebuerger Wäibau. Et ass e Secteur, deen am Moment an déi richtig

Richtung geet a schafft. Ët ginn awer e puer Schwaachstellen an Elementer, un deenen mir  mussen schaffen an Léisungen fannen, fir speziell jonke Leit d'Diiren opzemaachen nach weiderhin hei zu Lëtzebuerg  Qualitéits-Wäibau ze bedreiwen.

Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren.